Stroossen, den 22. Februar 2021

**D'Aktualiséierungen an der Orthografie vum November 2019 – op ee Bléck!**

- **De laangen *ee*: méi konsequent verduebelt**

An enger betounter Silb gëtt den *ee* ëmmer verduebelt: *diskreet*, *eeben*, *Reegel*, *Theema*. D'Form mat engem *e* bleift a ville Fäll als Niewevariant bestoen: *Geen* (oder: *Gen*).
Bei Lännernimm gëtt de laangen *e* bei betounte Silben net verduebelt. Bei Ofleedunge muss de laangen *e* verduebelt ginn: *Armenien* (Land), *Armeenier*; *Schweden* (Land), *schweedesch*. Och bei dëse Wierder gëtt den *e* net verduebelt:

cheemesch Elementer [*Helium, Selen*],
Friemwierder op *-um* an *-us* [*Plenum*, *Klerus*] a bei Wierder mat de Wuertdeeler wéi *beta-, de-, demo(-), dezi-, ego(-), epi-, hetero(-), mega(-), meta-, meteo(-), metro(-), neo-, (-)ped(-), peri- , pre-, re-, retro(-), steno(-), stereo(-), theo-, xeno-.*

- **Den däitschen Deenungs-h: just nach vereenzelt als Variant**

Den *h* gëtt am Prinzip net benotzt, fir d'Längt vun engem Vokal ze markéieren: *Glüwäin*, *Lämung*, *stralen*, *wärend*. Bei eenzele Wierder gëtt et eng Variant mam däitschen Deenungs-h, fir datt een d'Wuert besser kann erkennen: *Farleerer* (oder: *Fahrlehrer*).

- **Déi nei r-Reegel: méi dacks *ier* an *uer***

Wann e laangen *i* oder *u* op en *r* stéisst, gëtt *ier* resp. *uer* geschriwwen: *Gehier*, *iergoen*, *Buer*, *huerelen*, *Spuer*. Eng Rei Pronomen a Prepositioune kréie keen *e* (*dir, Dir, hir, mir, vir, fir, zur*), genee wéi verschidde Friemwierder op *-ir* an *-ur* (*Vampir*, *Natur*, *Temperatur*) an de Prefix *ur-* (*Urteel*). Wierder am Zesummenhang mat *Irland* kréien ëmmer *ir*: *iresch*, *Ir*, *Iren*.
Wann den *i* oder *u* virum *r* kuerz ass, kënnt keen *e* dertëscht: *Hirsch*, *Wurscht*.

- **Zesummesetzungen: eenzel Wuertdeeler ginn eenzel gekuckt**

Bei Zesummesetzunge gëtt all Wuert eenzel gekuckt an deementspriechend geschriwwen. Dat ass och esou, wa just een Deel als selbstännegt Wuert virkënnt: *Hammbier*, *Schubbkar*. Och an anere Wierder ginn d'Wuertdeeler eenzel gekuckt: *Zan|spang, Zan|pasta, Zwi|spalt, Mol|zecht.*

- **Suffixen: eenzel gekuckt a Betounung manner wichteg**

Am Suffix gëtt de laang geschwate Vokal viru méi wéi engem Konsonant ëmmer verduebelt, egal ob d'Silb betount ass oder net: *gemeinsaamt*, *sënnloost*, *wonnerbaarsten*.
E Suffix gëtt wéi en eegestännege Wuertdeel gekuckt, esou datt d'Quantitéitsreegel am Wuertstamm applizéiert gëtt: *Bomchen*, *Erlabnes*, *Libling*, *Titchen*, *üblech*, *zimmlech*.

- **Den net geschwaten *e*: kann deelweis am Wuert ewechgelooss ginn**

Den net geschwaten *e* ka bei verschiddene Wierder ewechfalen: bei kuerze Funktiounswierder (*lo*, *raus*, *réischt*, *rop*, *wech*, *zréck*) a bei Substantiven op *-(l)ung* (*Siidlung*, *Verdueblung*).

➢ **Verben op -*néieren*: ëmmer mat engem *n***

Verben op -*néieren* kréien ëmmer just een *n*, egal wéi et am Däitschen oder Franséischen ass: *abonéieren*, *coordonéieren*, *fonctionéieren, soupçonéieren*.

➢ **Wierder aus dem Franséischen: franséische Pluriel als Variant méiglech**

Fir de Pluriel vun zesummegesate Wierder aus dem Franséischen däerf elo och déi franséisch Form mat Accord benotzt ginn (dann ouni Bindestrécher an ouni weider lëtzebuergesch Plurielsendung): *ee Règlement grand-ducal, zwee Règlement-grand-ducallen* (oder: *zwee Règlements grand-ducaux*).

➢ **Wierder aus dem Engleschen: englesch Pluriellen a Verbforme méiglech**

Bei enger Rei Wierder kann elo och den englesche Pluriel als Variant geholl ginn: *een Hit, zwee Hitten* (oder: *zwee Hits*); *ee Fan, zwee Fannen* (oder: *zwee Fans*).

Bei Verben aus dem Englesche gi verschidde Fäll ënnerscheet:

Bei Verben ouni stommen *e* an der englescher Grondform gëtt de Participe passé hanne mat -*t* gebilt: *printen* (engl. *to print*) – *geprint.*

Bei Verbe mat stommem *e* an der englescher Grondform gëtt de Participe passé mat -*et* oder mat -*ed* geschriwwen: *badgen* (engl. *to badge*) – *gebadget / gebadged.*

➢ **Wierder aus dem Laténgeschen/Griicheschen: *pre/prä*, *ped/päd, ph/f***

Bei Wierder mat *(-)pre-/(-)prä-* oder *(-)ped(-)/-päd(-)* gëllt d'Form mam *e* als Haaptvariant (de laangen *e* gëtt net verduebelt): *Logoped* (oder: *Logopäd*), *prezis* (oder: *präzis*).

Fir d'Schreifweis vum *ph* gëtt et dräi Fäll. De *ph* bleift stoen: *Philosophie*. De *ph* ass eng Niewevariant zur Schreifweis mat *f*: *Mikrofon* (oder: *Mikrophon*), *Orthografie* (oder: *Orthographie*). D'Wuert gëtt just mat *f* geschriwwen: *Delfin*, *Foto*.

Den *ch*, *rh* an *th* ginn am Prinzip bäibehalen: *Chouer*, *Rhetorik*, *Sympathie*.

➢ **Integréiert Schreifweisen**

Eng Rei Wierder hunn elo eng integréiert (lëtzebuergesch) Schreifweis. D'Schreifweis aus der Quellsprooch (meeschtens aus dem Franséischen) bleift als Niewevariant erhalen (dat steet dann op lod.lu): *Barriär* / *Barrière*, *Kusch* / *Couche*, *Platto* / *Plateau*.

➢ **n-Reegel: Geografesch Nimm, Wierder op *-äin / -een*, Ervirhiewungen**

Bei geografeschen Nimm op -*en* fält den *n* ewech: *Spuenierees*, *a Schwede fueren*.

Bei Nimm vun Uertschaften a Stied a bei Wierder op -*äin* a bei bestëmmten eesilbege Wierder op -*een* ass d'Applizéiere vun der n-Reegel optional: *op Lëntge(n) plënneren*, *zu Münche(n) gëtt gefeiert*, *de Wäi(n) schmaachen, sech d'Bee(n) briechen*.

Bei bestëmmten Textzorten oder grafeschen Ervirhiewungen ass d'n-Reegel och fakultativ.

➢ **Getrennt-/Zesummeschreiwung; Grouss-/Klengschreiwung**

D'Partikele *watgelift* a *wannechgelift* (kuerz: *wgl.*) ginn uneneegeschriwwen.

Komplex Verbe gi bei enger iwwerdroener Bedeitung ëmmer uneneegeschriwwen: *blomaachen*, *vrecktlaachen* (mee: *vreckt schloen*). *Merci/merci soen*, *Moien/moie soen* ka grouss- oder klenggeschriwwe ginn (ausser et ass eendeiteg e Substantiv: *en décke Merci*).

Weider Informatioune fannt Dir op zls.lu oder Dir schreift eng Mail op lod@lod.lu.